



**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 937 vum 26. Juni 2024 vum Här Deputéierten André Bauler an vum Här Deputéierte Gusty Graas.**

**1. Am Moment lafe Chantieren am Minett-Park. Wou sinn dës Chantiere vum Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) drun ?**

Aktuell leeft e grouse Chantier vum INPA fir de Fond-de-Gras weider opzewäerten an ze securiséieren. De Site kritt eng grouss Plaz fir d'Visiteuren ze empfänken an eng Spillplaz vis-à-vis vun der Terrasse „Bei der Giedel“. De Quai vun der Minièresbunn gëtt och nei amenagéiert. Polleren ginn am Agank vum Site installéiert fir datt et zu enger Verkéiersberouegung kënnt.

Domadder gëtt d'Sécherheet um Site verstärkt an de Patrimoine weider valoriséiert. Dës Aarbechte sinn Enn dëst Joer ofgeschloss.

Den INPA këmmert sech och ëm d'Entretiensaarbechten un de Gleiser vum Train 1900 an ëm d'Galerie vun der Minièresbunn. Dëst Joer goufen Entretiensaarbechten op der Stréck Fond-de-Gras Richtung Péiteng fir 1 Millioun Euro realiséiert. Domadder gëtt garantéiert, datt déi wäertvoll Benevolataarbecht weider funktionéiere kann an d'Stréck och an Zukunft sécher ass. Esou kënnen déi historesch Gefierer weider a Betrib bleiwen an de Public profitéiert vun engem liewege Patrimoine.

D'Minièresbunn kritt an de nächste Joren en neien Atelier mat Garage, wou déi historesch Gefierer kënnen ënnert gudde Bedéngunge restauréiert ginn.

**2. Ginn et Pläng fir den Eisebunns-Patrimoine am Fond-de-Gras ze valoriséieren?**

E groussen Deel vum Eisebunnspatrimoine gëtt duerch d'Benevolataarbecht am Fond-de-Gras valoriséiert an dem Public all Sonndes während de Méint Mee bis September zougänglech gemaach. Dat sinn d'Dampzich vum Train 1900 an d'Gefierer vun der Minièresbunn.

Donieft gëtt et awer nach e groussen Deel u Patrimoine ferroviaire, deen net fir de grouse Publikum zougänglech ass. Vun den 1980er Joren un huet den INPA op d'mannst ëmmer eng Maschinn pro Serie vun der Eisebunnsramm vun der CFL erhalen a restauréiert, dat zesumme mat de Benevole vun der asbl 1604 Classics. Esou kouw et zu enger grousser historescher Sammlung, déi nach mat Pläng, Fotoen, Uniformen an all Zort vun Eisebunnstechnik beräichert gouf.

Zanter iwwert 2 Joer schafft den INPA mat der CFL, de Veräiner an der Gemeng Péiteng un engem grouse Projet fir dëse Patrimoine didaktesch z'erschléissen an dem grouse Publikum permanent zougänglech ze maachen.

Et ass de **Projet vum Zuchmusée**, dem Centre national pour le patrimoine ferroviaire – CNPF, deen zu Péiteng, op der Stréck vum Train 1900 soll entstoen. De Besuch vun dësem Musée wäert verbonne gi mat engem Trajet an engem historeschen Zuch erop an de Fond-de-Gras. Dat soll all Dag e puer mol méiglech ginn, iwwert e Quai matten am Musée. Dës nei Struktur gëtt domadden e Portal fir déi villfälteg Offer vum Minett-Park ze valoriséieren an dem breede Publikum zougänglech ze maachen.

### **3. Ass geplangt fir den Zuchmusée ze bauen an Zukunft?**

Den INPA huet zesumme mat engem Architektbüro eng Étude de faisabilité fir dëse Projet realiséiert, deen elo zesumme mat der CFL detailléiert ausgeschafft gëtt.

Bis Enn 2024 soll en Avant-projet sommaire fäerdeg sinn, fir duerno en Avant-projet détaillé auszeschaffen an een entspreichende Projet de loi an der Chamber ze déposieren. D'CFL wäert sech ëm d'Infrastrukturarbechte këmmere an den INPA ëm de pedagogeschen a kulturelle Volet.

Lëtzebuerg, de 24. Juli 2024.

De Kulturminister

(s.) Eric THILL